Ried Vum Laurent ZEIMET
Buurgermeeschter vu Beetebuerg
9. Oktober 2022,
Journée de la Commémoration nationale

Léif Deputéiert,

Kollegen aus dem Schäffen- Gemengerot,
Léif Vertrieder vun de patrioteschen Organisatiounen,
Vertrieder vun der Force Publique an de Rettungsdéngschter,
Vertrieder vun den Administratiounen an dem Léierpersonal,

Mir freeën eis iwwert d'Präsenz vun de Vertrieder vun de Veräiner,
An haut besonnesch vun eise Guiden a Scouten,

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Plus jamais la guerre …

Huet eis Chorale elo grad gesong. Zanter dem 24. Februar dëst Joer ass awer erëm Krich an Europa. Knapps 30 Joer nom Krich um Balkan steet eise Kontinent nees virun engem Koup Schiebelen. 2000 Km vu Beetebuerg stierwen Mënschen well een Despot d'Kaart vun Europa nei zeechnen wëll.

Mir si solidaresch mam ukrainesche Vollék, dat fir seng Souveränitéit, fir seng Fräiheet kämpft. Mir huelen Flüchtlingen bei eis op. Mir spueren a verzichten fir dem russeschen Agressor d'Stier ze bidden. Op dat alles duer geet a wéi dëse Krich soll op en Enn kommen, wees haut keen. Et ass e schwéiere Brand an d'Feier kann zu all Ableck iwwersprangen.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

De Fräiheetswëllen vun der Ukraine. De Courage vun deene Fraen a Männer déi sech der russescher Aggressioun an Okkupatioun widersetzen, erënnert un eis gréisste Generatioun. Déi Generatioun déi sech virun 80 Joer géint déi preisesch Aggressioun an Okkupatioun vu Lëtzebuerg gewiert hunn.

Mir sinn haut an hei zesumme, fir un déi Generatioun ze erënneren. Fir Merci ze soen fir en fräi Heemecht an eis e Beispill ze huelen.

Léif alleguer,

Mir hunn eis Guiden a Scouten invitéiert, fir dëst Joer besonnesch un déi Jonk ze denken, déi sech aus hirem Mouvement mat vill Courage géint Okkupatioun an Terror gewiert hunn. Gëschter Nomëtteg hu se sech op dësen Dag virbereet a sech mat der Geschicht vun der Resistenz ausernee gesat.

Versetze mer eis zréck an déi Joer virum Krich. An 30er Joer vum leschte Jorhonnert. Mam Nazi-Regime hu sech zanter 1933 däischter Wolleken iwwer Europa zesumme-gezunn.

De Scoutsmouvement war deemols nach jonk an am Opbau. Hei zu Beetebuerg gouf et zwar nach keen eegene Groupe awer engagéiert Scouten.

400 Lëtzebuerger ginn 1937 op de grousse Camp, de Welt-Jamboree an Holland.
Hei kommen Scouten aus aller Welt zesummen. Eng gutt Geleenheet fir Frëndschaften iwwer Grenzen ze schléissen. Frëndschaften déi sech geschwënn sollten als besonnesch hëllefräich erweisen. D'Scouten begéinen op dësem Jamboree awer och hire Grënner de Lord Baden-Powell de BP.

„Emmer bereet" ass de Motto deen de BP de Scouten ginn huet. E Scout soll ëmmer bereet sinn seng Pflicht ze maachen. Dofir leeën Scouten e Verspriechen of, e Verspriechen ze hëllefen an ze dengen. D'Verspriechen och hirer Heemecht trei ze sinn.

1939 huet dat neutralt Lëtzebuerg seng Onofhängegkeet gefeiert mat vill roud-wäiss-blo a *Vive d'Grande-Duchesse !*

Scouten waren besonnesch engagéiert a patriotesch ënnerwee. „E fräit Liewen ass eist Striewen", heescht et am Scoutslidd *„Héich de Bockel voll Gepäck".* Mee den 1. September 1939 wor et eriwwer mat der Hoffnung op Fridden an Europa.
Knapps 20 Joer nom Enn vum 1. Weltkrich huet 1000 Km vu Beetebuerg ewech mam däitschen Iwwerfall op Polen e Schicksal säin Laf geholl dat fir vill Lëtzebuerger a vill jonk Scouten Misère an Doud sollt bréngen.

2 Wochen nom Iwwerfall a Polen koumen Scouten fir hiren Chefdag zesummen. „der Heemecht ze dengen" war de Motto. De Chef-Scout Aloyse Hentgen huet en Appel un déi Responsabel vun de Gruppen gemat sech fir den Eeschtfall ze prepareieren.
E puer Méint méi spéit, den 10. Mee 1940 sinn Terror a Krich zu Lëtzebuerg an domat och hei an der Gemeng ukomm.

„Heim ins Reich" huet et ënner der Okkupatioun geheescht. De 15. August vun deem Joer hu sech am Keller vun der Grenzer Kierch - am Wëllefchsersall - heemlech eng 40 Responsabel Scouten aus de Kantonen Esch a Capellen getraf.

Ënnert hinnen wor och de Metty Dockendorf vu Monnerech.

D'Scouten hu sech geschwuer der däitscher Okkupatioun d'Stier ze bidden. An hiert Scoutsverspriechen op de Lëtzebuerger Fändel erneiert. Domat waren Scouten déi éischt Lëtzebuerger Organisatioun déi décidéiert huet an d'Resistenz géint de Nazi-Regime ze goen. 8 Deeg méi spéit goufen de Scoutsmouvement vun de Preisen verbueden.

Mee verstoppt an heemlech treffen sech Chefs a Rover am Ënnergrond weider. Et besteet Kontakt zu aneren Resistenzgruppen a sou grënnen Scouten mat aneren am Juni 1941 d'Lëtzebuerger Volléckslegioun LVL. An d'Scouten kënnen op hir Kontakter iwwer d'Grenzen zielen. Mat hiren Aktiounen brengen sech déi jonk Resistenzler bewosst a Liewensgefor.

De Metty Dockendorf gëtt mat sengem Scoutsbruder Georges Everling Informatiounen un d'Englänner weider. Am Juli 1942 gëtt de Metty eng éischte Kéier vun der Gestapo verhaft. Wéi d'Preisen am August 1942 – virun 80 Joer - Zwangsrekrutéierung vu jonke Lëtzebuerger an déi däitsch Arméi annoncéieren, kënnt et zum Generalstreik op deen d'Preisen mam Standrecht an Exekutiounen äntweren.

Zwee zwangsrekrutéiert Scouten de Pierre Ginter an de Lucien Kohn sinn op Peenemünde komm. Do huet de Wernher von Braun fir d'Wehrmacht an der Heeresversuchsanstalt Rakéiten entwéckelt, wéi déi berüchtegt Wunderwaffen V1 a V2. Deenen zwee Scouten war déi strategesch Bedeitung vum Site bewosst a se hunn Skizzen a Pläng vun der Anlag gezeechent, déi iwwert de Resistenzréseau vun der LVL déi alliéiert Geheimdéngschter zu London erreecht hunn. Mat Hëllef vun dësen Informatiounen gouf Peenemünde am August 1943 bombardéiert. An d'Wunderwaffe vun de Nazien an hirer Entwécklung zolitt zréckgeheit.

Wéi dës Scouten huet och de Metty Dockendorf sech net aschüchtere geloos. Hien huet säin Verspriechen eescht geholl. Am Oktober 1943 gëtt hien zesumme mat Kollegen vun der LVL verhaft. Fir d'éischt koum de Metty Dockendorf an de Prisong am Stater Gronn. Vun do aus goung et weider an d'Konzentratiounslager Hinzert an dunn op Mauthausen an Eisträich net wäit vu Linz.

Wat de Metty Dockendorf op dëse Plazen vun der Onmënschlechkeet erlieft an duerchgemat huet, kënne mer eis wuel kaum virstellen. Am KZ Mauthausen léiert hien de Journalist Pierre Grégoire kennen. Vun den 200.000 Inhaftéierten vu Mauthausen huet d'Halschent net iwwerlieft. De Metty Dockendorf gouf den 6. Mee 1945 vun den Amerikaner befreit.

Vun de 1475 Member vum Scoutsverband waren der gutt 500 aktiv an der Resistenz. 476 Scouten goufen zwangsrekrutéiert. 66 Scouten sinn als Zwangsrekrutéiert ëmkomm. 121 Scouten sinn deserteiert an hunn sech dem Maquis oder den Alliéierten ugeschloss.

27 Scouten goufen exekutéiert. 91 Scouten koumen an de Prisong. 8 Scouten koumen do ëm d'Liewen. 74 Scouten koumen wéi de Metty Dockendorf a Konzentratiounslager.

1947 huet hien seng grouss Léift d'Fély Schroeder hei zu Beetebuerg bestuet. Zesummen hu si an der Rue Sigefroi gewunnt.

De Metty ass de Scouten trei bliwwen a war hei zu Beetebuerg aktiv am Scoutsgrupp deemols nach Saint Luc. 1965 huet hien op Ufro vum Minister Pierre Grégoire – sengem Bekannten vu Mauthausen – zesumme mam Carlo Meintz de Service National de la Jeunesse opgebaut.

An eiser Gemeng huet hien ënner anerem mat de Vakanzaktivitéiten fir Kanner Spueren hannerloos.

Vun 1968 huet de Metty Dockendorf Gedenkreesen fir Schüler op Mauthausen organiséiert. „Erënnere fir ze verstoen" … fir dat déi jonk Generatiounen net erëm musse leiden esou wéi seng Generatioun. 1987 ass de Metty Dockendorf am Alter vun 69 Joer verstuerwen.

Haut erënnert eng Gedenkplak um Scoutshome an der Kennedystroos u säin Engagement.

Emmer bereet …

D'Scoutsgeneratioun vum Metty Dockendorf hunn hiert Engagement ganz eescht geholl. Vill vun hinnen bis an den Doud.

Léif alleguer,

Mir stinn hei am Respekt virun hirem Courage an hirem Asaz.

A mir denken vun hei un all déi, déi an dëser Zäit an dësem Abléck Courage hunn a sech fir d'Fräiheet asetzen.
Mir denken un d'Fraen an déi jonk am Iran.
Mir denken un de Joshua Wong a seng Kollegen déi weider zu Hong Kong am Prisong setzen.
Mir denken un d'Mënschen an der Ukraine.
Mir denken un d'Affer vu Krich an Ënnerdréckung.

A mir froen eis op mir bereet wären…
Emmer bereet, wann eisen Asaz gefrot ass.

Dëst Monument erënnert un eis Helden.

Mee dëst Monument soll och allen Diktaturen an allen Autokraten op zu Moskau, Teheran oder Peking weisen…

Dir wäert net gewannen.
Mir ginn net op.
Well e fräit Liewen ass eist Striewen.
Morts pour la Patrie: Dir sidd net vergiess.

Merci.